

## **Wéi kritt Dir Är Startup un d'Lafen?**

Dir sidd de gebuerenen Entrepreneur? Dir wëllt Iech an d'Creatioun vun enger Startup lancéieren? Bravo! Dir hutt grad déi couragéiertst Decisioun vun Ärem Berufsliewe geholl... a gläichzäiteg och déi riskéiertst. Well och wann d'Startups e grousst Wuesstemspotenzial hunn, läit den Taux d'échec dach iwwert deem vun den traditionellen Entreprises. Eng Iddi, egal wéi genial se ass, ass net onbedéngt eng Garantie fir Erfolleg.

Hei sinn e puer Pisten, déi Iech vläicht net onbedéngt zum gewünschte Succès verhëllefen, déi awer verhënneren, dass Dir déi heefegst Feeler maacht.

### **1. Verléiert keng Zäit**

Zäit ass Geld. Verbëtz se net a setzt Iech Prioritéiten. Gitt net op Konferenzen a plangt keng Reuniounen, wann Dir net sécher sidd, dass si direkt profitabel fir Äert Geschäft sinn. Denkt drun dass Är Erspuernesser net onendlech dehnbar sinn.

### **2. Preparéiert Iech op dat Schlämmst an hofft dat Besch**

Erspuernesser? Déi wäert Dir brauche fir déi éischt zwee oder dräi Joer Existenz vun Ärer Startup duerzehalen. Wann Dir finanziell net prett sidd, ass et besser, Ären Entrepreneuratsprojet op spéider ze verleeën a mat Ärer bezueltener Aarbecht weiderzemaachen, bis Dir Iech en zolidd Polster ugespuert hutt fir och an haarden Zäiten ze iwwerliewen. An Ärer Startup wäert d'Geld net vun haut op muer am Iwwerfloss do sinn. Et brauch een Zäit, fir seng eng Clientèle opzebauen an d'Clientë bezuelen och net ëmmer systematesch matzäiten.

### **3. Léiert Är Tresorerie ze geréieren**

Tresoriesproblemer kënnen Är Entreprise an d'Faillite dreiwen, och wa se rentabel an am volle Wuesstem ass. Fir ze evitéieren, dass Är Startup komplett zahlungsonfäeg gëtt, musst Dir Är zukünfteg Besoinen u Fond de roulement budgetiséieren an eng Marge mat aplangen. Et kënnt vir, dass Clienten ze spët bezuelen oder faillite ginn, an Dir kënnt en dréngende Liquiditéitsbesoin kréien, fir ongeplangt Käschten ze decken.

### **4. Leet Iech präzis a chiffriert Ziler fest**

Sidd bei der Definitioun vun Ären Ziler sou konkret wéi méiglech. Wéi eng Zuel vu Clientë streeft Dir bis zum Enn vum éischte Geschäftsjoer un? Wéi en Ëmsaz? Wat sinn Är Ziler am Beräich vun de Part-de-marchéen? Wéi vill kascht d'Acquisitioun vun engen neie Client d'Entreprise?

Chiffriert Estimatioune ginn awer net duer, wann Dir Äre Verkafsprozess net definéiert hutt. Wéi wëllt Dir Är Objektiv erreechen? Wéi demarchéiert Dir zukünfteg Clienten? Wéi eng Method benotzt Dir?

### **5. Sicht Iech Partner**

D'Gestioun vun enger Startup ass immens zäitopwenneg. Wann Dir e Burnout evitéiere wëllt, dann ëmgitt Iech mat anere Leit, mat deenen Dir zesummeschaffe kënnt. Sicht Cofondateuren oder, wann Dir eleng Maître à bord

bleiwe wëllt, schléisst Partenariater mat anere Startups of, déi komplementar Servicer zu Ären ubidden.

## 6. Léiert aus Äre Feeler

Är Iddi hat vill Aussicht op Erfolleg an awer ass se net gegléckt. Dat ass net schlëmm: Den Echec gehéiert fest zum Liewe vun engem Entrepreneur, et muss ee just erëm op d'Bee kommen. Reagéiert schnell an zéckt och net, alles futti ze schloe fir et erëm nei a besser opzebauen. Bléift net un enger Startup-Iddi hänke well Dir Iech dora verléift hutt. Zitt dat Bescht aus eppes wat funktionéiert oder decidéiert Iech fir e radikale Changement.

## 7. Belitt Är Investisseuren net

Wann Dir verzweiwelt versicht, neit Kapital opzehuelen oder Är Startup um Liewen ze halen ass d'Versuchung grouss, fromm Ligen iwwert Äre Wuesstem oder Är Beneficen ze erzielen. Wann Är Startup a Schwierigkeiten ass, kënnt d'Wourecht fréier oder spéider eraus. Duerch d'Lige gëtt d'Faillite nëmme verzögert a si hënneren Iech drun, e Projet auszeschaffen, dee wierklech der Wäert ass.

## 8. Notzt déi Lëtzebuenger Rahmebedingungen

An de leschte Jore sinn zu Lëtzebuerg eng Rei vun Initiativen entstanen fir den Entrepreneuriat weider ze entwéckelen an ze fërderen. Profitéiert also dovun!

Den **Espace Entreprises vum der Chambre de Commerce** an den **Service Contact Entreprise vum der Chambre des Métiers** si Guichet-uniquë fir den Accueil an d'Informatioun vun Entreprises a Leit, déi e Projet verwierkleche wëllen, a sinn do fir all Froen, déi mat der Entreprise en Zesammenhang stinn. Den **Business mentoring** vum der Chambre de Commerce oder den **Réseau LBAN** (Luxembourg Business Angel Network) sinn zwou zousätzlech Initiativen, déi zum Developpement vun den Entreprisë bäidroen. Iwwert de Concours fir interregional Geschäftspläng **1,2,3,GO** vum der Chambre de Commerce ass et méiglech, Hëllef vun erfahrene Coache bei der Redaktioun vu sengem Businessplang ze kréien.

D'Land verfügt iwwer vill Inkubatoren, dat si Strukturen, déi d'Projete vun der Grënnung vun enger Entreprise begleeten. Et ginn och iwwerall am Land Plazen, op deene Coworking ugebuede gëtt.

Wat de Finanzement ubelaangt, de Ministère de l'Economie et du Commerce extérieur bitt eng spezifescht Finanzbäihëllef un, déi strikt nëmme fir innovativ jonk Entreprisë gëllt. Aner Initiativë wéi Plug & Play vum Ministère de l'Economie et du Commerce extérieur oder och nach de Projet Europe4Startups proposéieren och den Encadrement vu jonken innovative Betriber.

**Luxinnovation**, déi national Agence fir d'Promotioun vun der Innovatioun an der Recherche, ënnerstëtzt innovativ Startups bei allen Etappe vum Projet, vun der Analys vun der Iddi an der Redaktioun vum Businessplang bis zu der Sich no Finanzementer an dem Hirstelle vu Kontakter mat Partner am technologesche Beräich.

An dann huet de Lëtzebuenger Regierungsrat am Januar 2015 e Projet verabschiedet, mat deem d'**Société à responsabilité limitée simplifiée** (S.à.r.l.-

S) agefouert gi soll. Duerch dëse Projet soll d'Grënnung vun enger Entreprise erliichtert ginn duerch reduzéiert Grënnungskäschten, e vereinfacht Etablissementungsverfahren an d'Erofsetze vum Mindestkapital vun der Gesellschaft op nëmmen 1 Euro!

*Schlësselwierder: Business mentoring, Gesellschaftskapital, Chambre de Commerce, Ëmsaz, Client, Cofondateur, Coworking, Wuesstem, Erspuernesser, Entrepreneur, Entrepreneuriat, Entreprise, innovativ Entreprise, Inkubator, Innovatioun, Liquiditéiten, Luxinnovation, Ziler, Part de marché, Partenariat, Sàrl, Société à responsabilité limitée simplifiée, Startups, Trésorerie*